



Fréising, de 26.03.2022

Am Numm vun der CSV Fréising a konform zum Gemengegesetz (Artikel 13, Abschnitt 3) an dem „Ordre Intérieur de la Commune de Frisange“ (Artikel 6), setze mir gäre folgende Punkt op den Ordre du Jour vum nächste Gemengerot:

Organisatioun vun enger Accueilstruktur fir d’Kanner aus dem Précoce

De Schäfferot huet eis an der Sitzung vum 23. Februar 2022 matgedeelt, datt d’Kanner vum Précoce weiderhinn net vum SEA profitéiere kënnen an och keen Accueil virgesinn ass fir d’ Kanner schonn éischer a méi laang no der Schoul ze betreien. D’CSV Fréising versteet, dass et am Moment schwéier ass fir all de Kanner déi et bräichten eng Plaz am SEA unzebidden. Mir sinn awer der Meenung, datt een als Gemeng op mannst misst kucken en Accueil virun an no der Schoul, z.B. an engem Kllassesall vum Précoce, ze organiséieren.

Datt e Besoin besteet weist och d’Interventioun vun der APEF beim Schäfferot. D’APEF huet an engem Schreiwes un de Gemengerot matgedeelt, datt hinnen an der Reunioun mam Schäfferot d’Léisung vun engem Accueil an Aussicht gestallt gouf. Dës Zort vun Accueil gouf awer kuerz duerno vum Här Buergermeeschter am Gemengerot vum 23.02.2022 erëm ofgeleent.

D’CSV Fréising freet dowéinst an dëser Motioun, dass d’Gemeng sech der Problematik unhëlt, fir méiglechst nach fir d’Reentrée 2022 eng Accueilstruktur fir d’Kanner aus dem Précoce unzebidden.

Dofir decidéiert de Gemengerot:

- D’Gemeng mécht eng Enquête bei de betraffene Bierger fir erauszefanne wat de reelle Besoin ass
- D’Schoulkommissioun gëtt mat agebonnen fir de Fonctionnement vum Accueil ze definéieren
- D’Gemeng kuckt, eventuell an Zesummenaarbecht mam Bedriewer vun der SEA, fir een Accueil ze organiséieren idealerweis ab dem Schouljoer 2022/2023, spëtstens awer fir d’Schouljoer 2023/2024.

Marc Jacoby

Claude Courtois

Georges Hoffmann